# De Lëtzebuerger Militär an Ex-Militär

ORGANE DE L'ASSOCIATION GRAND-DUCALE DES MILITAIRES ET ANCIENS MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS

- Société de Secours Mutuels affiliée à la FNML -
(Fédération Nationale de la Mutualité Luxembourgeoise)

Nr 1. - 2016



Sous le Haut Protectorat de
S.A.R. le Grand-Duc Henri





VEREEDEGUNG 22

Maërz 2016

# De Lëtzebuerger Militär an Ex-Militär

ORGANE DE L'ASSOCIATION GRAND-DUCALE
DES MILITAIRES ET ANCIENS
MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS

## Inhaltsverzeichnis


| | |
|---|---|
| Editorial | 3 |
| Invitatioun | 5 |
| Programme vun der Assemblée Générale Ordinaire | 7 |
| Membres décédés en 2015 | 8 |
| Membres recrutés en 2015 | 9 |
| Bilan 2015 | 11 |
| Musikparade 2016 | 13 |
| Zaldotenzeitungen | 15 |
| Concert mat der Militärmusek | 21 |
| Vereedegung 23. Sesioun | 22 |
| déi läscht Säit | 26 |
| Veräinsreess | 27 |


## Impressum


**Editeur:**
Association Grand-Ducale des Militaires
et Anciens Militaires Luxembourgeois
ISSN: 2418-4160

**Rédaction:**
Rol GIRRES · e-mail: rolgir@pt.lu
Romain HILGER

**Impression:**
Imprimerie HEINTZ

PRINTED IN LUXEMBOURG

**Régie publicitaire:**
PUBLIEST · e-mail: office@publiest.lu

## Éditorial

### Syriekris an hir Suiten: wéi d'europäesch Diplomatie verseet.

Fir dësen Artikel ower mat enger Dosis Optimismus unzefänken: 2015 ass et duerchaus méiglech gewiescht, e puer Problemer ze léisen ... den Atomdeal mam Iran, d'Zesummerécke vun Amerika mat Kuba, d'Klima-Ofkommes zu Paräis. Alles dat weist, dass intelligent Diplomatie och ënnert schwéiere Viraussetzungen ka fontionnéieren.

Fakt ass awer och: Nei Krise sinn dobäikom; anerer hu sech verschäerft. A Syrien huet sech d'Situatioun dramatesch geännert, och wann et elo zu enger internationaler Ustrengung kënnt; dat léist de Problem zwar nach net, mee et bidd ëmmerhin der Diplomatie eng nei Geléenheet.

Di nei Muechtkämpf Iran-Saudi Arabien an Türkei-Russland kënne ganz séier zu enger, vläicht ongewollter, mee awer dramatescher militärescher Eskalatioun féieren. Wat wär z.B. passéiert, wann d'Russen, nodeems Türken een vun hire Flieger erofgeschoss haten, iwwerreagéiert an en amerikaneschen Flieger erofgeschoss hätten? Eng sécherheetspolitesch Katastroph! Net fir näischt schätzt de fréieren US Verdeedegungsminister William Perry d'Gefoer vun enger nuklearer Konfrontatioun sou héich an, wéi zënter dem Zesummebroch vun der Sovietunioun net méi.

Bei der Syrien-Sécherheetsresolutioun hunn d'Europäer an d'Amerikaner hir Fuerderung no engem Syrien ouni Assad op Drock vu Russland an dem Iran mussen opginn; si hunn dobäi neess geléiert, dass an der Aussepolitik dat "Wënschenswert" net ëmmer dat "Machbart" ass. D'Moralapostele vu Bréissel, Berlin, Frankräich ... a Lëtzebuerg (well mir hate jo schliesslech während deene leschte 6 Méint d'EU Présidence) haten zwar eng moralesch Positioun mee keng Strategie. De Slogan "Den Assad muss ewech" war keng Strategie gewiescht mee e Fehler! … iwwrigens: eng Strategie hu si bis haut keng! Dofir bleift hinnen elo soss näischt anescht iwreg wéi de Fräsch ze schlécken an zesumme mam Putin an den Teheraner Theokraten no enger Léisung ze sichen, ... eng Léisung déi souwuel de langfristege russeschen Interessen wéi och de machtpolitesche Regionalinteresse vun den Iraner wärt an de Krom passen.

Iert d'Russen intervenéiert sinn (Summer 2015), haten d'Europäesch Superstragen 4 ganzer Joer laang Zäit, fir sech mam Thema Syriekonflikt ofzeginn. Mee si hu „kollektiv" nogekuckt, näischt gemach … a versot! De "gebietsmilleméissege" Mantra aus dem Westen – "Wien a Syrien intervenéiert, facht e Flächebrand un" – war eng vun de schudderegste Falschaschätzunge vun de leschte Joeren. Hätte si op d'Nato-Militärstratege gelauschtert (vläicht och mäin Editorial aus dem Bulletin 1-2015 gelies ...) dann hätte si bekäppt, datt een an esou engem bluddege Biergerkrich ëm eng zäiteg militäresch Interventioun net géif laanschtkommen … och op d'Gefoer hin dass EU - an domat och Lëtzebuerger Zaldoten op di eng oder aner Manéier mat engagéiert gi wären.

An der Tëschenzäit awer hun op d'mannst 300.000 Syrer hirt Liewe verluer. X-Millioune sinn op der Flucht ... an och virun eiser Dier; dat ganzt Land ass futti gebommt a geschoss; mir hunn di schwéierst humanitär Katastroph vu nom 2. Weltkrich un indirekt mat ausgeléist, an duerno ignoréiert. Och dohier kënnt wuel der protestantescher Paschtoueschduechter a Physikdoktesch Angela Merkel hir … „metaphysesch" Approche zur Flüchtlingskris … !

Ower et ass net nëmmen e militärescht Versoen, mee och nach en diplomatesche Fehler! Well d'Initiativ fir d'Sécherheetskonferenz kënnt vun den Amerikaner. Ëmmerhi geet et dach awert och ëm existentiell europäesch aussepolitesch Interessen: d'Flüchtlinge sëtze jo net zu Washington virum wäissen Haus an och net zu Moskau virum Kreml; si komme mat Zich a Bussen op München, Berlin, Stockholm … a Lëtzebuerg … an eis Diplomaten diskutéiere sech de Mond fuseleg; … a waarden op eng Initiativ vun den Amerikaner an de Russen … Einfach traureg!

Et freet een sech eigentlech, firwat an der „SYRIEKRIIS" den europäeschen Diplomaten de Verlooss op sech selwer komplett fehlt??? d'EU huet iwer 500 Milliounen Awunner, dräi mol méi wéi Russland. „Mir" sinn eng gewalteg Wirtschaftsmuecht, an EIS Sécherheetsinteresse si massiv a Gefoer...firwat also si mir net d'Initiateure vun der Wien-Konferenz??? Firwat setzt d'europäesch



Diplomatie keng Akzenter? Et geet zwar ëm Syrien, awer virun allem och ëm eis eege Sécherheet hei an Europa!!!

An deene leschte Joere guff sech an der Griechenlandkriis all gudde Broutdag zu Bréissel gesinn, am Kontext Syrekriis war „Funkstopp"! Wéi no de Paräis-Attentater den Hollande den Artikel 42 Paragraph 7 vum Lissabon-Vertrag erbäigezun huet, hunn se an den europäeschen Haptstied emol fir d'éischt missten de Vertrag erauskropen a liese wat dat heescht: militäresch Bäistandspflicht vun all EU-Staat. Spéitstens do hätten si missten erwächen … awer Pissblummsblosen (Pustekuchen). Net emol d'Fro hunn si sech gestallt, ob d'EU iwwerhaapt drop organiséiert wär, fir dës Hëllefsklausel ëmzesetzen! Si mir verteidigungspolitesch esou opgestallt, dass mir eis Een dem Aneren an der Nout könne bäistoen? … ech zweifelen ferm drun!

Et gëtt deemno héich Zäit, eng Initiativ ze starten, fir déi sécherheetspolitesch Handlungsfähegkeet vun der EU endlech op eng gleefbar Art a Weis op d'Been ze stellen; eréischt wann dat geschitt ass, wäert Europa op der Weltbühn erëm eescht geholl kënne ginn! Madamm Mogherini, Här Steinmeier … Här Asselborn an Här Schneider: Il y a du pain sur la planche … enfournez!


Zugudderlescht nach en Zitat vum Winston Churchill (Am Kontext vum Münchener Ofkommes vum 30. September 1938 un d'Adress vun den deemolegen briteschen a franséischen Regierungscheffen Chamberlain an Daladier)

*„An der Wiel tëscht Krich a Schan hu si sech fir d'Schan entscheet ... an elo hu si béides!"*

**Rol GIRRES**
Adjudant-Major Hon.
Präsident




# L'application S-net Mobile




Vos opérations bancaires en un tour de main

accès sécurisé — navigation intuitive — virement rapide

Conçue pour une navigation intuitive, l'application S-net Mobile vous donne accès à vos comptes en un minimum de gestes et en un minimum de temps. Et cela de manière complètement sécurisée, comme pour votre version S-net habituelle.

**En savoir plus sur www.bcee.lu/mobile**

Téléchargez l'application gratuite !

Télécharger dans l'App Store

DISPONIBLE SUR Google play

SPUERKEESS
Äert Liewen. Är Bank.

Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome,
1, Place de Metz, L-2954 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B 30775
**www.bcee.lu tél. (+352) 4015-1**

# E Sonndeg, den 24. Abrëll 2016,

feiert ons Associatioun de Gebuertsdag vun onsem Héien Protektor, dem Groußherzog Henri.
Mir bieden duerfir all ons Memberen, Éirememberen a Frënn un dëser Feier deelzehuelen.

## PROGRAMM:

| | |
|---|---|
| um 11.15 Auer: | Feierlechen Déngscht an der Méchelskierch, der fréierer lëtzebuerger Garnisounskierch, besonnesch als Erënnerung un ons gefalen a verstuerwen Komeroden. D'Mass gëtt verschéinert durch en Orchester vun der Militärmusek. |
| duerno: | Nidderleeën vu Blummen beim « Monument aux Morts de la Force Armée » um Kanounenhiwwel. |
| um 13.00 Auer: | Banquet am Parc Hôtel Luxembourg/Dommeldange (Alvisse Parc Hôtel) |

## APÉRITIF

(11.30 - 13.00 Auer)
Selon la demande - payement individuel

## MENU

**BUFFET FROID D'ENTRÉES:**
Saumon fumé · Jambon cru et cuit · Saucisse luxembourgeoise
Pâté Campagnard · Œuf à la russe · Tomate au thon · Salade de pommes de terre
Salade de pâtes · Salade de céleri · Salade de carottes

* * *

**FAUX FILET DE BŒUF RÔTI AUX GRAINS DE POIVRE NOIR
POMMES DE TERRE SAUTÉES, LÉGUMES DE SAISON**

* * *

**PROFITEROLLES AUX CHOCOLAT CHAUD**

* * *

**CAFÉ AVEC MIGNARDISES**

**Käschteponkt: 40,00 € fir Memberen an Éirememberen
49,00 € fir Net-Memberen**
*(Vins blanc, rouge, rosé et soft drinks, bière et eau minérale compris durant le repas)*

**D'Iwerweisung vun der entspriechender Zomm, bis spéitstens den 15. Abrëll 2016 op de Postscheckkonto Nr. IBAN LU23 1111 0116 1774 0000 vun der „Caisse d'organisation des Militaires et Anciens Militaires Luxembourgeois" gëlt als Umeldung. Den Numm vu jidffer Eenzelnen, deen um Iessen partizipéiert, ass dobei unzegin.**

De Comité

# Votre conseiller dans la construction



Spécialisée dans l'assistance à la maîtrise d'Ouvrage dans le domaine de la **coordination Sécurité et Santé sur les chantiers temporaires ou mobiles ainsi que dans la réalisation des états des lieux avant travaux,** la société **GERI MANAGEMENT** vous propose un service de qualité et un suivi adapté à vos besoins.

Compétence, proactivité, efficacité et disponibilité sont les maîtres mots qui définissent le bureau et dictent notre conduite par rapports aux projets.

**GERI MANAGEMENT** est ainsi pour le maître de l'Ouvrage un interlocuteur de confiance.

Pour plus de renseignements, nous contacter:

**GERI MANAGEMENT** - 198E, rue Pierre Gansen - L-4570 NIEDERCORN
Tél: (352) 26 50 25 41 - Fax: (352) 26 50 25 42 - E-mail: geri@geri.lu
**www.geri.lu**

GERI Management

# PERRARD

ENTREPRISE GENERALE DE CONSTRUCTION, DE GENIE CIVIL ET DE TRAVAUX PUBLICS ET PRIVES







MADE IN LUXEMBOURG

ESCEM CERTIFIED ISO 9001 : 2008

ENERGIE FIR D'ZUKUNFT

94, rue de Grünenwald · L-1912 LUXEMBOURG · Tél.: 42 53 53 1 · Fax: 42 53 49
E-mail: perrard@perrard.eiffage.lu · **www. perrard.lu**

Nous prions les membres de
«l'Association Grand-Ducale des Militaires et Anciens Militaires Luxembourgeois» d'assister à

# L'ASSEMBLÉE GÉNÉRALE ORDINAIRE

qui aura lieu dans les salons de l'hôtel

**PARC HOTEL, Luxembourg-Dommeldange**
(Alvisse Parc Hotel)

**dimanche, le 24 avril 2016 à 15.00 heures**

pour délibérer sur l'ordre du jour suivant :

1. *Allocution du président*
2. *Rapport du secrétaire*
3. *Rapport du trésorier*
4. *Rapport des réviseurs de caisse*
5. *Décharge à donner aux membres du comité*
6. *Médailles de mérite de l'association*
7. *Admission de nouveaux membres*
8. *Élections partielles de membres du comité.*
   *Les mandats de MM. Romain HILGER, Jean-Pierre JANS, Gusty SCHUMMERS et Nico WILDANGER viennent à l'expiration. Les MM Jean-Pierre JANS et Gusty SCHUMMERS sont démissionnaires.*
9. *Election de 2 nouveaux membres pour le Comité.*
10. *Élection de 3 membres réviseurs de caisse et de 3 membres suppléants.*
11. *Clôture par le président.*

**Les candidatures pour le comité sont à adresser par écrit au plus tard pour le 16 avril 2016 au Président,**

**Monsieur Roland GIRRES · 2, Allée du Carmel · L-1354 Luxembourg**

En espérant, que vous pourrez assister à cette assemblée, nous vous présentons, chers membres, l'expression de nos sentiments les meilleurs.

Le Comité

## Membres décédés en 2015 et antérieurement



| | | |
|---|---|---|
| Madame | Léonie | ARENSDORFF-OSWALD |
| Madame | Georgette | BAULER-SONTAG |
| Madame | Joséphine Emilie | BECKENE-SENY |
| Madame | Juliette | BECKIUS-KEISER |
| Monsieur | François | BERNARD |
| Monsieur | Emile | BETTENDORFF |
| Monsieur | Camille | BINZ |
| Madame | Madelaine | BISENIUS-MERGEN |
| Madame | Germaine | BIWER-SCHMITZ |
| Madame | Caroline | BRACHTENBACH-REUTER |
| Madame | Simone | COLLING-MANTZ |
| Madame | Aline | DALEIDEN-KINTZIGER |
| Madame | Elise | DAMIT-FLAMMANG |
| Madame | Jeanne | DAX-KAYSER |
| Monsieur | Guillaume | DELAGARDELLE |
| Monsieur | Norbert | DISTELDORFF |
| Monsieur | Roger | DONDELINGER |
| Madame | Simone | ENTRINGER-NICKELS |
| Madame | Marie-Suzette | ESPEN-JACOBS |
| Monsieur | Felix | FLESCH |
| Monsieur | Georges | GEIB |
| Madame | Virginie | HAAN -CHRISTEN |
| Monsieur | Lucien | HARY |
| Monsieur | Arsène | HECKER |
| Madame | Annette | HOFFMANN-BIRMANN |
| Madame | Suzette | HOSCHEID-NIMAX |
| Monsieur | Michel | KARIER |
| Madame | Caroline Aline | KIRCH-FISCH |
| Monsieur | Fernand | LORANG |
| Monsieur | Charles | LUCAS |
| Madame | Hélène | LUX-BALTES |
| Madame | Suzette | MANDY-LEONARDY |
| Madame | Elisabeth | MAYER-MOLITOR |
| Madame | Adeline | MILLIM-SCHAMMO |
| Madame | Ghislaine | MUENSTER-SCHEER |
| Madame | Catherine | NOMMESCH-ESCH |
| Madame | Irmine | PIERRE-GRUBER |
| Madame | Annette | RAUSCH-RICHARTZ |
| Madame | Jeanne | ROBINET-SCHEIBEL |
| Monsieur | Joseph | SCHILTZ |
| Monsieur | Ronny | SCHLOTTERT |
| Madame | Hélène | THEIS-JACOB |
| Monsieur | Hubert | THEISEN |
| Monsieur | Gaston | THOMA |
| Monsieur | Léon | TREZZI |
| Madame | Barbe | WAGNER-BREIER |
| Monsieur | Gaston | WAGNER |
| Monsieur | Lucien | WELBES |
| Madame | Amelie | WELTER-SCHOSSELER |
| Monsieur | Michel | WESTER |
| Madame | Lotty | WEYRICH |
| Madame | Marguerite | VAN DYCK-METZLER |

## Nouveaux membres 2015


| | | |
|---|---|---|
| MEISCH Julie | honoraire | L-3393 Roedgen |
| KOOB Jérôme | associé | L-6210 Consdorf |
| MULIC Amer | associé | L-4174 Esch/Alzette |
| SCHANET Alain | associé | L-5215 Sandweiler |
| WELTER Michèle | honoraire | L-9455 Fouhren |
| WIES-KELL Ulla | honoraire | L-9145 Erpeldange |
| SCHOETTER Fernand | affilié | L-3334 Hellange |
| STEMPER Joseph | affilié | L-6142 Junglinster |
| PHILIPPE Camille | honoraire | L-8064 Bertrange |
| CHIERICI Amedeu | honoraire | L-8394 Olm |
| REINARD Romain | honoraire | L-4332 Esch/Alzette |
| ZEYEN Henri | affilié | D-66706 Perl |
| BONNE Mike | affilié | L-9125 Schieren |
| RISSE Mandy | associée | L-9277 Diekirch |
| TURKOVIC Nazim | affilié | L-9542 Wiltz |
| HEITZ Gérard | honoraire | L-8715 Everlange |
| REINERT Francine | honoraire | L-4998 Sprinkange |
| BOUS Guy | honoraire | L-9265 Diekirch |
| EVEN André | honoraire | L-4206 Esch/Alzette |
| FRIESEIEN Patrick | affilié | L-5450 Stadtbredimus |
| KAYSER Ronny | affilié | L-8551 Noerdange |
| STEFFEN Pierre André | honoraire | L-4136 Esch/Alzette |
| ZANETTE Armando | affilié | L-7417 Brouch |
| ZANTER Charles | affilié | L-9375 Gralingen |
| WEBER Marc | affilié | L-2425 Howald |
| HENTGES Mike | associé | L-6783 Grevenmacher |
| LABATUT Daniel | associé | L-9142 Burden |
| RODRIGUES COELHO Jaime | honoraire | L-2625 Luxembourg |
| ZAPATA Diana Grace | honoraire | L-1541 Luxembourg |
| KAYSEN-SCHMIDT Jean | honoraire | L-3543 Dudelange |
| THEIN-MATHIAS Roger | affilié | L-5561 Remich |
| SCHILTZ-KAYSER Joseph | honoraire | L-5880 Hesperange |
| WEIMERSKIRCH-WILTZIUS | honoraire | L-1323 Luxembourg |
| SCHAUL Noé | honoraire | L-7721 Colmar-Berg |
| TANG Pak Hao | honoraire | L-7254 Bereldange |
| HENTZEN Liz | associée | L-9405 Vianden |
| SCHMIT Pierre | affilié | L-5960 Itzig |
| STEFFEN Robert | affilié | L-3960 Ehlange |
| CONTER Jeannot | affilié | L-4951 Bascharage |
| GROSBUSCH Guy | honoraire | L-5841 Hesperange |
| OSWALD Daryl | honoraire | L-1870 Luxembourg |
| HELGADOTTIR Thorunn | honoraire | L-2539 Luxembourg |
| RASQUE Erik | associé | L-9267 Mertzig |
| DE WAHA Yannick | honoraire | L-6690 Moersdorf |
| SCHMIT Pierre | associé | L-8142 Bridel |
| KOLLING André | affilié | L-9175 Niederfeulen |
| MELSEN François | honoraire | L-3316 Bergem |
| NILLES Jean | honoraire | L-4971 Bettange/Mess |
| STRASSER Raymond | honoraire | L-6187 Gonderange |

autopolis
DRIVEN BY EXCELLENCE

café - restaurant
Um Grill



Fermé le jeudi
4, rue de l'Esplanade
L-9227 DIEKIRCH
Téléphone 80 94 87




BEST is recruting. Send us your application with a cover letter.
2, rue des Sapins
L-2513 Senningerberg
T. 34 90 90
best@best.lu
www.best.lu
Active
INFRATEC
BEST GO
BEST-TOPO
BUREAU DE GEOMETRES
BEST
INGENIEURS-CONSEILS

# Association Grand-Ducale des Militaires et Anciens Militaires Luxembourgeois

## Bilan 2015 - 01.01.2015 au 31.12.2015

| | | |
|---|---|---|
| ***Recettes CCPL*** | ▶ Cotisations Membres | 27'694,00 € |
| | ▶ Dons | 226,00 € |
| | ▶ Rachat | 626,00 € |
| | ▶ Remboursement | 1'000,00 € |
| | ▶ Subside | 275,70 € |
| | ▶ Remboursement Réservation A.G. 2015 | 681,00 € |
| ***Recettes BCEE*** | ▶ Intérêts au 31.12.2014 - BCEE | 100,72 € |
| ***TOTAL Recettes 2015 CCPL et BCEE*** | | **30'603,42** € |

| | | |
|---|---|---|
| ***Dépenses*** | ▶ Primes de naissance (4x120,00 €) | 462,00 € |
| | ▶ Indemnités funéraires (21x600,00 €) | 12'456,00 € |
| | ▶ Loyer (12x52,06 €) | 624,72 € |
| | ▶ Frais d'administration - P&T - Imprimerie - Envoi | 4'605,54 € |
| | ▶ DON - A.M.A.M - Fondation G.-Duc et G.-Duchesse | 3'000,00 € |
| | ▶ Cotisation 2015 FNML | 325,08 € |
| | ▶ Réservation A.G. 2015 | 980,00 € |
| | ▶ Divers | 525,47 € |
| | ▶ ***TOTAL Dépenses*** | **22'978,81** € |

| | |
|---|---|
| ▶ Avoir au **01.01.2015** | 217'539,47 € |
| ▶ Total des recettes en **2015** | 30'603,42 € |
| ▶ Total des dépenses en **2015** | 22'978,81 € |
| ▶ Avoir au **31.12.2015** | 225'164,08 € |

***Répartition des AVOIRS de la Mutuelle au 31.12.2015***

| | |
|---|---|
| ▶ **Compte chèques postaux** | **6'983,74 €** |
| ▶ **Banque et Caisse d'Épargne de l'État** | **218'180,34 €** |
| ▶ **Résultat total** | **225'164,08 €** |
| Inventaire mobilier (pour mémoire = valeur d'achat) | 5 743,42 € |

Réviseurs de Caisse: Monsieur Fernand FROEHLING, Monsieur Edmond MULLER, Monsieur Pierre BACK

Trésorier: Monsieur Romain BONNE



LA PROVENCALE
LA PROVENCALE
FOURNISSEUR DE LA COUR
Votre garant de qualité
www.provencale.lu

**RFC** s.à r.l.
*( Anc. R.Fioretti - Coutellerie )*
**"KNIVES & MORE..."**
Gérant : Raoul Fioretti
RFC s.à r.l. - 21, rue de la Forêt - L-3643 Kayl ( Luxbg.)
Tél.: ( +352 ) 56 62 09 - Fax.: ( +352 ) 56 33 64
www.knives-rfc.lu - E-mail : rfc-coutellerie@vo.lu
TVA : LU23920360

Café - Brasserie - Jeu de quilles
Brasserie de la Paix
7, place Guillaume
L-9237 Diekirch
Tél.: 26 80 44 74
Fax: 26 80 50 74
Mail: rib04@hotmail.com
Fermé le mecredi

www.annickmersch.com
bijoux
annick mersch







42, rue d'Echternach
L-6550 Berdorf
Tel: 00352 799616
info@annickmersch.com

**Snack Maria** s.à r.l.
· BOULANGERIE · PÂTISSERIE ·
· CONFISERIE ·
*Ouvert tous les jours de 7.00 - 14.00 heures*
**17, Esplanade · L-9227 DIEKIRCH**
**Tél.: 26 80 38 47**

GLOBAL JET
LUXEMBOURG
33, rue de Gasperich
L-5826 Hesperange
Tél.: 49 80 89
info@globaljetlux.com
www.globaljetlux.com

# D'Musikparade den 14. Februar zu Tréier.



No de grousse Succèsen vun de Musikparaden 2014 an 2015 solt et, ob d'mannst wat d'Unzuel vun de Participanten ugeet, 2016 nach eng Steigerung ginn. An et huet dem Léon Sunnen, onser «cheville ouvrière», schons sou munneches un Organisatiounstalent ofverlangt fir déi 100 Lait, also Surplus vu bal 25% par rapport zu 2015, alleguer ënnerdach ze kréien. An esou gebiirt him och de Mérite vun dësem Succès.

D'Musikparade, eng zënter 2001 privatwirtschaftlech organiséiert Manifestatioun ass di gréisst europäesch Tournee fir international militäresch an zivill Blosorchseteren. An de leschte Joëren hun d'Musikparade regelméisseg wäit iwwert 100.000 Visiteuren gezielt. Am 1. Quartal vun all Joër trieden an iwwer 30 däitsche Stied oofwiesselnd 7 Blosorchesteren op.

Äußerst vielfälteg ass di musikalesch Reess vun der Musikparade, déi all Joër nei zesummegestalt gëtt. Am Mëttelpunkt steet ausser berühmte Märsch e grousse musikaleschen Repertoire bis hin zur moderner Blosmusek vun Jazz a Klasik, vu Filmmusek bis Musicals oder vun Evergreens bis aktuell Popmusek. Gesangseinlagen vu Solisten a Chéier sou wéi folkloristesch an exotesch Dänz ronnen de Programm of.

Doduerch dass d'Orchesteren all Joër nei zesummegestalt ginn können och „Stammgäscht" sech ëmmer neess op eng komplett nei Show fréen, mat neien Orchesteren a neien Choreographien.

An hiren Ufäng war d'Musikparade e rengen Militär- a Marschmuseksfestival. Mee och wann d'Marschmusek







(kénnt iwwrigens vum latäinischen “marcare” = mat festem Schratt goen) heefeg mat Militärmusek gläichgesat gëtt, sou sin Militärmärsch nëmmen en Deel vun dëser Musek. De Marsch ass e musikaleschen Stil deen d’Bewegung vun enger Grupp Mënschen soll koordinéieren. Schons am Altertum goufen festlech Ëmzich schons mat Marschmusek begleet.

Während di éischt Musiparade an der Arena zu Oberhausen also eng reng „Marschmusek-Veranstaltung” war, ass et haut eng äusserst vielfälteg Blosmusek Show fir di ganz Famill. Aus allen Häre Länner ginn Orchesteren selektionnéiert, déi am Viirfeld vun internationale „Scouten” observéiert goufen.

An esou waren an deene leschte Joëren net nëmmen di bescht traditionnell Militärmuseken aus der ganzer Welt schonns vertrueden, mee och di „joggend” Bersaglieri aus Italien, den „fietsrijdende” Trompetterkorps Bereden Wapens (Holland) gradesou wéi d’Marching-Band Weltmeeschteren a Vize-Weltmeeschteren aus deene leschten 10 Joër.

2016 waren folgend Orchsteren zu Tréier am Asatz:

- Pegasus Pipes & Drums aus Schottland
- Heeresmusikcorps Lublin aus Polen
- Showband Iserlohner Stadtmusikanten aus Däitschland
- Band of the Royal Logistic Corps aus Groussbritannien
- Guerdsmen Brass Wind Band aus Bulgarien
- Militärorchester der Nationale Brigade aus Moldavien

Solist war de Carl Ellis, afro-amerikaneschen Musicalsänger aus dem „Starlight Express” a Participant vun der 5. Staffel aus der Pro7 Talentshow „The Voice of Germany”. Mat senger geschmeideger „Seal-Stëmm” huet hien Hallelujah vum Leonard Cohen ganz gefillvoll interpretéiert.

Leider gesäit et esou aus wéi wann d’Editioun 2017 net méi zu Tréier géif stattfannen. Op mir dann op Köln fueren (28. Januar 2017) oder op mir si vläit iwwerried kréien op Lëtzebuerg ze kommen, dat steet de Moment nach an de Stären.

Dass mir ower och 2017 d’Participatioun un enger Musikparade viirgesin, dat steet ausser Zweifel!! Schons am nächste Bulletin (Juni) wärte mir iech méi könne soen.



# Rar original Virlagen, Zeechnungen a Schrëftstécker

Den 20. Januar 2016 huet den Här Patrick CALZI vu Fennéng dem Nationale Musée fir Militärgeschicht zu Dikrich en Unzuel vun original Zeechnungen an Schrëftstécker iwwereecht, déi säi Papp Armand François „Fränz" SERRES an der Zaldotenzeitung BOOBY-TRAP publizéiert hat. De Fränz SERRES kann doduerch als Karikaturist an eventuell och als Redakter vun döser Zeitung ugesinn ginn. Dës Identifikatioun ass guer net esou einfach well déi meeschten Artikelen goufen entweder anonym oder mat Pseudonym verfaasst a geschriwwen.

Mëtt den 40rer Joer huet den BOOBY-TRAP zur Ofwiesselung ,zum Zäitverdreif an zur Opmonterung vum Zaldot gehéiert, mee wat gouf et eigentlech nach an deem Kader:




## ZALDOTESTONN, LETTRE AUX SOLDATS, BOOBY-TRAP asw.

nogesicht vum Roland RACH

Mam Gesetz vum 30. November 1944 gëtt den obligatoreschen Militärdéngscht zu Lëtzebuerg agefouert. Déi éischt Zaldoten zéien de 14. Juni 1945 zu Diddeleng an d'Kasär „Op Rellent" (2. Bataljoun) an den 9. Juli 1945 an d'Kasär zu Walfer (1. Bataljoun).


An enger Zäit wou net jiddwereen e Radio hat an der just op offiziellen Plazen stungen (wann iwwerhapt), Télévisioun, Computer, Tablet an Handy nach net erfont sinn, hunn d'Zaldoten selbstverständlech no engem Zäitverdreif gesicht. Zinema gouf et schons, mee war nëmmen méiglech an der Stad, an dann nach wann d'Zaldoten Ausgang haten – wat seelen virkoum. Eng kleng Päi, héich Entréespräisser op déi d'Zaldoten keng Reduktioun haten, hun esou Munchereen ofgehal an hien huet seng Suën léiwer an een oder zwee Humpen oder e Pak Zigaretten investéiert.

## ZALDOTESTONN

*„Hei ass Radio Lëtzbeurg mat Musék fir d'Lëtzbuerger Arméi"*. Mat dëse Wierder huet direkt nom 2. Weltkrich de Pol LEUCK, e Pionnéier vun RTL Radio, déi beschtbekannten Zaldotestonn annonçéiert.

Den Hannergrond zu dëser Émissioun war haaptsächlech fir *eisen Zaldoten zu Bitburg an Saarburg ein direkten Kontakt mat der Heemecht ze erméiglechen. Et gouf also eng Bréck geschloen tëschent dem Land an de Garnisounen. 6 Wochen Rekrutenzäit ouni Ausgang war sécherlech fir vill Zaldoten déi schwéieresten Zäit,* dat ouni Kontakt mat doheem (ausser vläicht emol e Bréif) an ouni Ofwiesselung. Fir dëse Mëssel opzehiewen, hat den Pol LEUCK eng Iddi. Ënner sénger Leedung goufen innerhalb der Arméi, op engem Theaterowend zu Réimech, e puer Zaldoten ausgesicht fir Sketcher ze spillen, bei deenen de Pol Texter geschriwwen huet an déi all Donneschtes Owes „en direct" fir eng véirel Stonn op der Langwell gesend goufen. Méi war an deem Ablack net dran, well d'Langwell net genuch Kapazitéit hat, an aner Sendungen och hir Plaz gebraucht hunn, a schliesslech war dat Ganzt nëmmen en Expériment. Déi kuerz Sendung ass gutt ukomm bei den Zaldoten, mee wéi d'Sketcher ëmmer méi wëll goufen, waren eenzel Arméiverantwortlecher der Meenung d'Arméi géif an d'Lächerlecht gezunn an hunn et färdeg bruecht, dass d'Émissioun ofgesat gouf.

Op Interventioun vum deemolgen Staats- an Arméiminister Pierre DUPONG huet de Pol sech eng aner



© P. Cerf – Le Luxembourg et son armée

afale gelooss wouraus eng musékalesch Émissioun, e Wonschconcert fir Zaldoten entstan ass, déi all Samsdes Owes vun 22 bis 23 Auer iwwer d'Wellen koum. Well den „couvre feux" awer op 22 Auer festgesat war, hunn d'Zaldoten extra dierfen 1 Stonn méi lang opbleiwen fir dës Stonn nozelauschteren. Wonschmusék, Gléckwënsch, Commentairen iwwert- an aus dem Zaldotenliewen an aner ofwiesselungsräich wichteg an onwichteg Informatiounen, gespickt mam Pol séngen Pointen a sénger onverkannbarer Stëmm, koumen aus dem Lautspriecher. Deem engen oder aneren Zaldot seng Freiesch huet d'Gelegenheet benotzt fir heiansdo e klenge Message un hiere Stupp ze vermëttelen well deen entweder keen Ausgang hat oder ze wäit fort war. Ëmgedréint gouf et dat natiirlech och. Politik koum an dëser Stonn allerdéngs net zur Sprooch.

Op wat fir engem Datum genee d'Sendungen, Sketcher an Zaldotestonn ugefaangen hunn, huet de Pol am Interview op RTL (Referenz: Tounarchiv CNA_05468) leider net verroden, esou wéi och net erauszefannen ass wéini se opgehal hunn.

Beim Radiolauschteren eleng ass et awer net bliwwen. Réischt Owes nom Dingscht, wann d'Zaldoten e bëssen Zäit fir sech haten, hunn se Kaart gespillt, e Bléck an d'Zeitung vum Dag geworf oder konnten sech mat engem Buch d'Zäit verdreiwen dat se vun doheem matbruecht haten. Wat hätten se och soss solle maachen, et gouf zu deem Zäitpunkt nach keen Service Éducation mat enger Bibliothéik, Kantine asw. D'Arméi war nach ëmmer am Opbau nom 2. Weltkrich.

## LETTRE AUX SOLDATS

Eng éischt „Zaldotenzeitung" gouf et am Oktober 1945, erausginn vum „Sécrétariat Général de l'A.C.M.L." (Action Catholique Militaire Luxembourgeoise); verantwortlech fir d'Redaktioun war den Aumônier beim Etat-Major vun der Arméi an der Stad, spéiderhin an der Kasär zu WALFER. Gedréckt gouf dës Publikatioun an der Sankt Paulus Dréckerei an der Stad, mat Ausnahm vun 1949 wou d'Hefter vun der Imprimerie Ch. Munshausen am Rolléngergronn erausbruecht gi sinn.

Bei den „Lettre aux Soldats" huet sech ëm e klengt Bliedchen vun ± 10 x 14 cm gehandelt wouraus e puer Joer an Editiounen méi spéit e Bichelchen gouf, mat den ongeféieren Moossen vun 15 x 20,5 cm, wat dem heidegen Format DinA5 nokënnt. Huet déi éischt Ausgab nëmmen 8 Säiten gehat, koumen am Laf vun der Zäit der eng etlech derbäi, esou dass d'Hefter ëmmer méi déck goufen mat enger Säitenzuel tëschent 80 an 100. Wéi oft dës Broschüre erauskoum ass, huet vum Redaktiounsteam ofgehang. Nach 1945 koumen 4 Editiounen eraus, 1946 waren et der 8. Duerno ass Zuel erofgang: mol 2, mol 3, dann just nach 1. Aus dem Joer 1948 gëtt et keng Trace, also ass unzehuelen, dass et deemols keng Zeitung ginn ass.

Den Inhalt gouf an engem besënnlechen a doucen Toun geschriwwen, dëst am Sënn fir dem Zaldot séng Moral ze hiewen. Et gouf iwwer Gott an der Welt geschriwwen an déi meescht Artikelen hunn sech ëm déi kathoulesch Kierch am Zesummenhang mat dem Zaldoteliewen gedréint wéi z. B. déi kierchlech Feierdeeg (Ouschteren, Chrëschtdag, etc), Oktav an d'Muttergottes, spéider dann och de Pèlerinage op Lourdes, Chronik an Historique iwwer en Hellegen asw. Doniewend koum de Wäert vun der Famill net ze kuerz genee wéi alles wat mam groussherzoglechen Haff ze dinn hat. Lëtzebuerger Geschicht, Rapporten iwwer Sportsévénementer (Marche zu Nimwegen) oder aner Manifestatiounen aus dem Zaldotenalldag goufen beliicht a beschriwwen. Um Enn vum Heft a ganz beléift waren mat der Zäit déi humoristesch Zousätz a Säiten, d'Rätselen an de „carnet familial" (Gebuerten, Hochzäiten, Stierwfäll). Kritesch a kriddeleg Artikelen iwwert d'Arméi huet een emsoss gesicht, duerfir war de Bulletin ze sérieux.

An den eenzelnen Archiven (Arméi, Séminaire, Nationalbibliothéik, etc) ginn et wuel eng Unzuel vun Hefter mee keen kann haut genee soen wéi héich d'Oplag war, wéi d'Bichelcher verdeelt goufen, ob se eppes kascht hunn asw., genee wéi och kee méi wees wéivill Éditiounen et iwwerhapt gi sinn a wéi lang se veréffentlecht goufen. Hei feelen d'Ënnerlagen. All













© R.Rach


Quellen déi zu dësem Artikel bäigedroen hunn, halen mat der Éditioun vun Chrëschtdag 1957 op.

## BOOBY-TRAP


Am Géigesaz zu den Lettre aux Soldats stung sécherlech den BOOBYTRAP, deen eis „Anciens“ kennen als „déi“ Zaldotenzeitung déi vun Oktober 1945 bis den 9. Februar 1946 erauskoum. Schons an der éischter Ausgab hunn d'Reporteren selwer dëst humoristescht an satirescht Wierk als Revolverblad gedeeft an esou beschriwwen: *Nömmen de Versuch zu enger e'schter Arme'szeitung an d'Artikelen sin all an engem löschtegen To'n gehâlen ginn. Spe'der, wann de Versuch gegleckt ass, (wât mer all hoffen) brénge mer och Wierker vun he'erem literaresche Wert.*

Schons an dëser Définitioun gesäit een wat d'Redakteren vun deemols Wëlles haten. Eng Zaldoten- (Arméi-) Zeitung, net fir eescht ze huelen an wou den Uz an de Spunnes mat jiddwerengem gedriwwen gouf deen an der Vergangenheet op déi eng oder aner Manéier eng fléie gelooss hat. Wéi et zum Numm BOOBY-TRAP koum, steet op der Säit 3 vun der Nummer 7:

*We' jo bal all Mensch wés nennen d'Englänner an d'Amerikaner hir uniforme'ert Polizisten „Booby“. De' „Booby“en hun an Amerika de Gangster vill onne'deg Arbecht gemâcht. Iwerall wâren se mat hierer Nues virbei. Natierlech hun se sech de' oft verbrannt. D'Gangster hun se och oft absichtlech d'Nues virbei strecke gelôss an de' „Booby“ sin dann an èng Fâl gelâf. A „Fâl“ héscht op englech „Trap“. De' Fâlen de' d'Gangster de „Boobys“ gestallt hun wâren also „Booby-Traps“.*




© R.Rach




© R.Rach

*Eso' weit konnt jo jidderén, dén e bes'chen Englesch verstét, elèng resonne'eren. Dobäi fönd âwer kén en Zesummenhang töschend ènger „Polizistefâl“ an onser Zeitung.*

*D'Militärsproch huet nun dén Ausdrock iwerholl als Bezéchnong fir ganz raffine'ert getarnt oder verstoppt Sprengkierper, de' un ènger Dîr, èngem Tirang, èengem Uewen oder soss irgendwo' ubruecht sin. Huet én nuneso' en Tirang, Uewen oder Dîr opgemât, dann ass de' ganz Affaire durch d'Lûcht gângen.*

*Ons Zeitung huet dé Numm krit we'nt dem Inhalt vun hiren e'schte Nummeren. Huet éen démols dât Revolverblâd opgemâcht, dann ass dé betreffenden ganz sécher och an d'Lûcht gângen. Hei ass et zwar ké Knall gin, et huet ere'scht geknallt wann dén ongléckleche Lieser nés steif op de Buedem geschlôen ass. Spe'der huet et dann och nach eng ke'er an der Redactio'n geknallt.*

*Elô ass et jô nött me' eso' wöll, mais de Numm hu mir beibehâlen a Muncherén wert och nach op de Réck fâlen wann en d'Blâd opmecht.*

Zum Inhalt selwer brauch ech net vill ze soën. Dat mécht den Rosch Krieps op eng exzellent Art a Weis am Journal No 197 vum 12. Oktober 2005, hei als Kopie bäigefléckt.

Genee wéi bei den Lettre aus Soldats ass keng Stéckzuel bekannt wéivill der gedréckt gi sinn an och net wéivill der verkaft goufen. Interessant ass hei och d'Ausgab Nummer 6 wouranner ugebueden gëtt, dass eis Zaldoten déi an Däitschland stationnéiert sinn, se och kënnen geschéckt kréien, an suguer Abonnementer fir „Zivilisten“ ugeholl ginn. Firwat dass no der Nummer 11 och Schluss war mam BOOBY-TRAP ass haut och net méi erauszefannen.

## REFORGERBLAAD

Mat der leschter Ausgab vum BOOBY-TRAP am Februar 1946 war et dunn fir eng ganz laang Zäit eriwwer mat humoristeschen Zeitungen.

Réischt an der Fräiwëllegenarméi, méi präzis am September 1992, hunn 3 Zaldoten d'Iddi an de Courage fond fir e Comic erauszebréngen. Ulass war den Exercice REFORGER um Findel. Op 10 photokopéierten DinA4 Säiten goufen mat Hëllef vun gekneipten Comics an kopéierten Photoën aus der Dagespress *e puer Anekdoten iwwert éisen esou beléiften Exercice* erzielt, besser gesot: op d'Schëpp geholl. Déi eenzel Zeenen sinn mat Sproochblosen kommentéiert esou dass jiddwereen deen um Exercice deelgeholl huet, sech nees ganz genee un deen een oder aneren Tëschefall konnt mat Schmunzelen erënneren. Duerfir konnten awer just déi Leit déi um Exercice derbäi waren sech e gratis Exemplaire besuergen, offiziell war dëst Blad jo net, och wann et dem deemolegen Kommandant vun der Arméi dem Colonel BRUCK gutt gefall huet, zemols et jo vun Zaldoten koum.



© R.Rach




© R.Rach

## DE SPINT


Ënnert der Leedung vum 1. Cl Steve SCHMITZ entsteet 1993 „DE SPINT", deen hien zesummen mat 11 weideren Zaldotekollegen an d'Liewen geruff huet.

An der Haptsaach Witzeges aus dem Arméi'sliewen, mee och méi sérieux Artikelen wéi Erliefnesberichter vun Zaldoten am Asaz an Jugoslawien (Chrëschtdag an der Baranja) an Kulturreesen (Visite vum KZ Natzweiler-Struthof, Militärpilgerfahrt op Lourdes) goufen presentéiert. Verschidden Anekdoten goufen an engem Rätsel opgelëscht wou bei richteger Opléisung 500 Frang ze gewannen waren.

Nach am EPC-Programm geschriwwen, op Noldrocker gedréckt, mat Zeechnungen an gepechten modifizéierten Comics ass eng Zeitung entstan vun 12 DinA4 Säiten mat zousätzlechen 2 Kartonsdeckelen. Wéi den Entworf färdeg war, huet et just nach missten photokopéiert ginn. Well d'Arméi kee Budget fir esou eng Publikatioun hat, hunn d'Redakteren de Pabeier missten selwer kafen, woufir dann och 50 Frang hu missten fir den Exemplaire bezuelt ginn. Déi éischt Editioun ass 230 mol verkaft ginn, wat jo gutt war, well esou konnt schon an der 2. Editioun d'Opléisung vum Rätsel mat 1000 Frang belount ginn.

No an no sinn Zaldoten awer an hir respektiv Carrière iwwergaang an e Manktum vu Nofolger huet dozou gefouert, dass no nëmmen 2 Editiounen Schluss war.

## DE LETZEBUERGER ZALDOT




© R.Rach

Zu engem bis elo leschten Zaldoteblad koum et 1997. An enger „Special Edition" zum Ulass vum Nationalfeierdag hun d'Zaldoten „Thierry & Frank" gemengt, dass *verschidden Lieser wichteg national Texter net méi kennen an mat Schreck festgestallt wéi wéineg den lëtzebuerger Jugendlëchen sech nach fir seng national Kultur interesséiert.*

Op 8 zum Deel faarweg gedréckten DinA4 Blieder gouf den Text vun der HEEMECHT, vum TE DEUM a vum WILHELMUS publizéiert, zousätzlech zu Informatiounen iwwer den Grand-Duc JEAN. Déi lescht Säit annoncéiert de Concert vun der Garnisounsmusek op der Plëss. Op dës Publikatioun un jiddwereen verdeelt gouf, oder just nëmmen mat e puer Exemplairen an d'Kompanie oder den Service koum ass leider net méi festzestellen.

## EPILOG

Wéi et am Liewen mat Villem geet, esou gesäit een, dass och bei dësen Publikatiounen déi Wéinegst dru geduecht hunn, fir der mol e puer direkt op d'Säit ze leeën, souzesoen an en Archiv opzehuelen respektiv Zousatzinformatiounen derbäi ze leeën. Vill Froen bleiwen esou onbeäntwert. Vun de beschriwwene Bichelcher a Blieder existéieren der haut nach just ganz wéineg, geschweis sinn komplett Editiounen ze fannen oder ze kréien - wat extrem Schued ass.

Quellen:
*Italique: Reproduktioun vum Original (schrëflech an mëndlech)*
Archiv CNA – Tounarchiv CNA_05468
Paul CERF: Le Luxembourg et son Armée
Archiv W. BOURG an A. MULLER
Archiv Aumônerie vun der Arméi
Archiv P. CALZI
Perséinlechen Archiv R. RACH




**M.S. PRINCESSE MARIE-ASTRID**

10, route du Vin, B.P. 33
L-6701 Grevenmacher
Tel.: (+352) 75 82 75, Fax: (+352) 75 86 66
E-mail: info@marie-astrid.lu
**www.marie-astrid.lu**

El Gaucho

RESTAURANT SUDAMERICANO

2, route de Finsterthal – L-7769 Bissen
Tél: 26 88 51 35 – Fax: 26 88 72 35
www.elgaucho.lu–gaucho@elgaucho.lu

Ma-Ve: 12h00-15h00 • 19h00-00h00
Sa-Di: 19h00-00h00 • Lundi: fermé

Réservations uniquement par téléphone!

Rol's Sound & Cruise Company



**Rols' Sound & Cruise Company**

Dir braucht Musek fir äert Fest …?

Dir wëllt mat ärem Veräin oder mat Frënn op eng flott Croisère … ?

Besicht d'Company ënnert

**Tél.: 621 196 781 · e-mail: rgirres@rscc.lu**

**www.rscc.lu**

**DA COSTA ALMEIDA S.ÀR.L.**
**TRANSPORTS**

Z.A.R.E Ilot Ouest 34
L-4384 EHLERANGE

Tél.: 26 58 05 02 - Fax: 26 58 05 11
GSM: 621 15 69 40 / 621 13 77 35

E-mail: cleonel@pt.lu



★★★★ ALVISSE PARC HOTEL





Parc Hotel Alvisse****
120, route d'Echternach
L-1453 Luxembourg
Tél. 43 56 43-0 – Fax 43 69 03
www.parc-hotel.lu
e-mail: info@parc-hotel.lu

*Pour vos séminaires d'entreprise, mariages, fêtes de famille,…*
*une des meilleure adresse à Luxembourg.*
*Nos salles de 15 à 1500 persones vous accueillent dans un cadre spacieux et chaleureux.*

*Für Ihre Businessseminare, Hochzeiten, Familienfeiern …*
*eine der besten Adressen in Luxembourg.*
*Unsere Räume von 15 bis 1500 Personen*
*empfangen Sie in einem geräumigen und herzlichen Rahmen.*

# Concert AMAM vum 11. September 2015 Marion Welter & Rol Girres mat der Militärmusek





Den 11. September 2015 huet ons Associatioun hiren alleréischte Concert organiséiert. Bei dëser Geléenheet huet d'Betzder Gemeng eis dodkräfteg ënnert d'Ärem gegraff, net nëmmen dass si ons hire wonnerschéinen Centre Culturel, de Syrkus zu Rued/Syre onentgeldlech zur Verfügung gestalt hun, Dest samt hirem Regisseur dem Carlo Miggy, nee si hun och nach den Eirewäin an eng Agape gestalt, an och op der Scheckiwwerreechung, déi an hirem herrlech restauréiertem Schlass zu Bierg stattfond huet, hu si eis duerno nach mat engem gudde Patt an engen Mäifelchen verwinnt.

Fir déi Ennerstetzung bei engem eventuellen Concert 2016 nach ze „toppen", därft schwéier ginn. En immens dëcke Merci un de Buergermeeschter Edgar Arend an all aneren Responsabelen vun der Betzder Gemeng.

No enger kuerzer Usproch vum Präsident Rol Girres huet d'Militärmusek de Concert mat „Pomp and Circumstances" ugefang. Mam „E.T" vum John Williams a mat „Celebration" vum Philippe Spark konnte si an alle Regësteren iwwerzeegen.

Duerno hun d'Marion Welter an de „sangenden AMAM's- President" Stëmmung an d'Bud bruecht, mat bekannte Klassiker wéi „Et maintenant", „Save the last dance for me", „Don't cry for me Argentina" a „Cabaret".

Nom éischte Bis vun der Militärmusek, dem Michael Giacchino sengem „Incredibles" hun dunn sämtlech Akteuren zesummen mam „New York, New York" an dem John Miles sengem „Music" desen Owend perfekt ofgeronnt.

De Sproch „les absents ont toujours tort" konnten déi di deen Owend dobäi waren just bestätegen a si waren unanime der Meenung des Organisatioun misst och am nächste Joër eng Suite kréien … wéi seet de Marc Thoma. „Affaire à suivre!"

Op der Scheckiwwerreechung de 16. Dezember d'lescht Joër, a Präsenz vum Här Guy Schmit, konnt d'AMAM 3000 Euro un d'Fondation du Grand-Duc et de la Grande-Duchesse iwwerweisen.

E risegrousse Merci un eis Militärmusek





# Vereedegung vun der 23. Sessioun




De Freideg 8.Januar 2016 huet um Härebierg d'Vereedegung vun der 23. Sessioun stattfond. Am Kontext vun däser Feier goufen och d'Medaillen un d'Memberen vum Det KFOR 45 an der EU Training Mission Mali ausgedeelt.

Des weideren war bei däser Zeremonie d'Remise de Fonction vum Adjudant de Corps du Centre Militaire, vum Adjudant-Major Patrick De Paoli un den Adjudant-Major Joseph Bredimus.

45 jonk Lait sin dësen 8. Januar nei an eis Arméi opgehol ginn. No enger Grondausbildung vu 4 Méint hu si an der Kasär Grand-Duc Jean deen Dag dat feierlecht Verspriechen ofgeluecht dem Grand-Duc, dem Staat an der Arméi ze dengen.

Vun 91 Kandidaten déi di schreftlech a sportlech Epreuven gepackt haten, sinn der effektiv nëmmen 73 den 7. September 2015 um Härebierg ugetrueden. 28 dovun hun an deene folgenden 4 Méint d'Handuch gehäit, esou dass schlussendlech 42 Männer an 3 Fraen konnten an d'Famill vun der Arméi opgehol ginn, dest a Präsenz vun enger ganzer Reih vun Eiregäscht sou wéi de neien Zaldoten hire Frënn a Familljen.

Zënter 2004 gi jo net nëmmen Lëtzebuerger, mee och EU-Bierger déi net d'lëtzebuergesch Nationalitéit hun an d'Arméi opgehol. An esou goufen och bei der 23. Sessiounders kéier net nëmmen 35 Lëtzebuerger vereedegt, mee och 4 Portugiesen, 2 Fransousen, a jeweils e belsch, e Spuenier, en Italiener an en Däitschen.

Uschléissend huet di offiziell zeremonie vun der vereedegung stattfond an duerno huet de Kommandant vum Centre Militaire, de Colonel Yves Kalmes eng Usproch un di nei Zaldoten gehal, déi mir hei integral publizéieren.



*Madame Staatssekretärin,*

*Dir Hären Députéierten,*

*Här Generol, Chef d'Etat-Major vun der Arméi,*

*Här Direktor vun der Défense,*

*Här Aumônier Général vun der Force Publique,*

*Här Président vun der Association Grand-Ducale des Militaires et Anciens Militaires luxembourgeois,*

*Dir Hären Présidenten vun den Représentations professionnelles*

*Léif Invitéen an Frënn vun der Arméi,*

*Ech begréissen Iech alleguer ganz härzlech um Centre Militaire bei Gelégenhéet vun der Verédigung vun eisen Rekruten, der remise des fonctions vum AdjCps vum Centre militaire an der Iwerréechung vun den Medaillen am Kader vun eisen Missiounen.*

*Rekruten,*

- *Fir Iech, Rekruten vun der 23ter Sessioun ass haut een besonneschen Dag, well et ass fir Iech den offiziellen Ofschloss vun 16 Wochen Grondausbildong déi Dir den 7 September 2015 ugefang hut. Fir Iech war dat eng Zeit vun grousser Emstellung an haarder Aarbecht. Wann Dir haut hei stitt, ass daat de Beweis, dass Dir gudd geschafft hutt, an dass Dir alleguer d'Konditiounen erfëllt fir an d'Famill vun der Lëtzebuerger Arméi opgeholl ze ginn.*

  *Och well ech de Kader ervirhiewen, déi sécherlech zu deem Erfolleg beigedroen huet.*

  *Fir eis villfällteg Missiounen - op nationalem an internationalem Plang - kënnen ze erfëllen, brauchen mir genuch a gutt ausgebildet Zaldoten, esou wéi déi, déi haut hei am Mëttelpunkt stinn.*

  *Aus dësem Kontingent mellen sech justement déi Zaldoten an d'UDOen, déi beréet sinn mat hierem Asatz eist Land an den internationalen Operatiounen ze representéieren. Hier Kandidaturen sinn dohir speziell erfierzehiewen.*

*Rekruten vun der 23ter Sessioun,*

*Duerch dat Verspriechen dat dir haut ofléet, engagéiert Dir Iéch, eisem Staatschef dem Grand-Duc Henri, eisem Staat an der Arméi trei ze dëngen a matzeschaffen zum Wuel vun eis all.*

*Vun deem Moment un, wou dir d'Kordel vun der Lëtzebuerger Arméi droot, sidd dir vollwerteg Memberen vun dëser Institutioun. Ech félicitéieren Iech alleguer dozou!*

*Sit iech awer bewosst, dass des Etapp nëmmen en éischten Schrëtt vir iech duerstellt an déem kompletten Ausbildungszyklus den Arméi erméiglecht.*

*Dësen Zyklus, - den aus enger militärescher Instruktioun bestéet, an spéider komplétéiert gëtt duerch d'Rekonversioun, also eng schoulesch an professionnell Edukatioun respektiv Formatioun, wärt während den nächsten Joeren ärt perséinlecht Engagement fuederen. Dozou wärt dir dann och wichteg Sozialkompetenzen entwéckelen, die haut leider net mei sou selbstverständlech an der Gesellschaft ver*mëttelt ginn.





*Rekruten,*

*Dir kënnt stolz sinn op ären Ofschloss an naien Ufank an der Lëtzebuerger Arméi  an sollt dësen Daag feieren, ewei daat sech passt.*

* * *

*Léif Elteren an Frënn vun der 23ter Sessioun,*

*Iech soen ech besonnesch Merci fir déi Ënnerstetzung déi dir eisen jéngsten Memberen déi läscht  Méint zoukommegeloss huet.*

*Äer Präsenz hei ass de Beweis, dass Dir hinnen an déem, waat sie maachen, weiderhin de Rëck stéipt. Genéist dësen Dag mat hinnen zesummen a profitéiert dervun, fir d'Arméi an déi zouständeg Gradéiert kennenzeléieren. Och géif ech Iech bieden, dëss Kontakter weiderhin ze pfléegen, an dess jonk Leit op hierem Wée, zesummen mat eis, an d'Zukunft ze begléeden.*

* * *

*Meng haerzlechst Félicitatiounen gin och un d'Memberen vun der lëtzebuerger Arméi déi haut eng Medaill iwerrecht kréi'en. Mat dem Erfëllen vun hiren Missounen hun Sie net nëmmen militäresch hir Professionnalität bewiesen, mä och Lëtzebuerg éirenhaft vertrueden an allen Situatiounen.*

*Ech soen hinnen Merci fir daat wat sie an deenen jeweilegen Missiounen  geléescht hun an ënnersträichen d'Verständnis vun déenen Partner, Eltern an Frënn … die sie vun hei aus ënnerstetzt hun … an gedëlleg op sie gewaart hun.*

* * *

*Oofschléissend well ech awer net mëssen dem AdjMaj Patrick DE PAOLI Merci ze soen fir seng Aktivitäten als AdjCorps vum Centre Militaire. Och wann ech als Kommandant vum Haerebierg just 14 Méint mat Iech als Adjudant de Corps duerft zesummen schaffen, war*





*dir mir an där Zäit een wichtegen an éierlechen Beroder an stongt mir ëmmer zur Säit wann ech Iech gebraucht hun. Dir hutt Iech awer och aere Rôle als Viirspricher vun dem Corps vun den Ëenneroffizéier an Kapereel ganz zu Haerz geholl an hutt ebenfalls ganz engagéiert mat engem wuechtsamen Aan op d'Ordnung an d'Discipline an der Kasär geuecht. Fir déi jonk Memberen vum Kader war dir een Guide an fir déi aner eng Referenz!*

*Ech wënschen Iech eng gudd Gesondhéet fir dass dir nach laang vun enger flotter Pensioun mat aeren Léifsten profitéieren kënnt!*

*Mam AdjMaj Joseph BREDIMUS kritt den Corps vun den Ënneroffizéier an Kapereel e weidere gudde Virspriecher. Ech wënschen him alles Guddes a senger neier Funktioun an fréen mech schons elo op eng gudd Zesummenarbecht!*

*Merci!*






— la qualité avant tout —

BRASSERIE GUILLAUME • POISSONNERIE GUILLAUME

12-14 Place Guillaume II • L-1648 Luxembourg • Tél.: 26 20 20 20

www.brasserieguillaume.lu • www.poissonnerie.lu

AUTOCENTER

PNEUS Goedert

DIEKIRCH - Tél. 809 808

CONSDORF - Tél. 790 022

www.pneus-goedert.lu

## Association Grand-Ducale des Militaires et Anciens Militaires Luxembourgeois

**CCPL: IBAN LU59 1111 0026 7556 0000**

## Zur besonderen Beachtung empfohlen

**Adressenänderungen sollten dem Sekretär unverzüglich mitgeteilt werden.**

Neue Mitglieder, die nach ihrem Vereinsbeitritt eine eheliche Verbindung eingehen sind gebeten dem Kassierer die Personalien des Ehepartners (Name, Vorname, Geburtsdatum) sowie das Datum der standesamtlichen Heirat zu übermitteln.


Nach der Geburt oder Adoption eines Kindes ist eine entsprechende Geburts- oder Adoptionsurkunde, bzw. nach Ableben eines Mitgliedes (membre associé) ein Exemplar der Sterbeurkunde an den Kassierer einzusenden. Nur so kann die entsprechende Leistung auch ausgezahlt werden.

Wünschen sie die Präsenz der Vereinsfahne an der Begräbnisfeier, wenden sie sich bitte an den Sekretär der *« Association Grand-Ducale des Anciens Militaires »*

**M. Romain BONNE**
Caissier
4, rue Tschiderer
L-9288 DIEKIRCH
Tel.: 621 130 004
E-Mail: kippchen@hotmail.fr

**M. Romain HILGER**
Secrétaire
Etat-Major de l'Armée
38-44, rue Goethe
L-1637 LUXEMBOURG
Tel: 26 848-217
E-Mail: romain.hilger@armee.etat.lu

## STAMMINET




**All leschte**

**MËTTWOCH**

**am Mount**

**17.00 Auer**

**Am**

**Café ZEUTZIUS**

**71, route de Trêves**
**Cents / Fetschenhaff**




## Léif Memberen,

De Comité huet d'Eier an de Pleséier iech op eng flott an interessant Reess 2016 z'invitéieren.

U Bord vun der MS Seine Princesse geet et vum **3. bis den 8. September** vu Paräis iwert Les Andelys, Honfleur, Duclair bis op d'Plages de débarquement vum 6. Juni 1944. Zeréck geet et iwer Rouen neess op Paräis.

**All weider Detailer an Réservatioun iwert: www.rscc.lu**
**e-mail: rolgir@pt.lu · Tel.: 621 196 781**




# Ausrüstung für Polizei, Militär und Outdooraktivitäten

- Kleidung
- Rucksäcke
- Holster
- Schutzbrillen
- Messer
- Taschen
- Waffenpflege
- Tragesysteme
- Gehörschutz
- und vieles mehr …

PARTNERS

T.O.E CONCEPT
Brandit
K+H SECURITY
BURG WÄCHTER

**Öffnungszeiten:**
**Montags: Geschlossen**
**Dienstag-Freitag: 10-12 & 14-19**
**Samstag: 10-12 & 14-16**

**8, rue d'Emerange · L-5692 ELVANGE**
**Tél.: +352 661 666 033**
**E-mail: info@cino-equipment.lu**